ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. Abrëll 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister, d'Madamm Justizminister an un den Här Minister fir Soziales weiderzeleeden.

Bei den Impfungen géint de Coronavirus koum et a verschiddene Fäll zu schwéieren Thrombosen. Och e Mataarbechter vun der EMA huet mëttlerweil confirméiert, datt en Zesummenhang zwëschent dem Astra Zeneca Impstoff an dësen Thrombose besteet. Weider Niewewierkunge sinn och bei deenen aneren Impfstoffer laangfristeg net auszeschléissen.

Duerfir hunn ech folgend Nofro un d'Madamm Gesondheetsminister, d'Madamm Justizminister an un den Här Minister fir Soziales

1) U wéi eng zoustänneg Instanze kann e Patient sech zu Lëtzebuerg adresséieren, wann hien de Verdacht huet, datt bestëmmt Krankheetserscheinungen op d'Niewewirkunge vun enger Impfung géint de Coronavirus zeréckzeféiere sinn?
2) No wéi enge Modalitéite ginn d'Niewewierkunge vun enger Impfung géint de Coronavirus bei der Gesondheetskeess geréiert? Wéi eng Medikamenter an Traitementer gi rembourséiert?
3) Kënnen d'Niewewierkunge vun enger Impfung géint de Coronavirus zu engem Usproch ob d'Invaliderent féieren?
4) Kënnen zivillrechtlech Schuedensersazuspréch erhuewe ginn, wann de Verdacht besteet, datt bestëmmt Krankheetserscheinungen op d'Niewewirkunge vun enger Impfung géint de Coronavirus zeréck ze féiere sinn? Wéi eng medezinesch a geriichtlech Instanze missten a sou engem Fall decidéieren? Wie wier haftbar?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten